N°3564
Entrée le 30.01.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable et urgence non-reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 02.02.2026

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Monsieur Claude WISELER
Président de la Chambre des Députés
LUXEMBOURG

Lëtzebuerg, den 30. Januar 2026

**Question urgente**

Här President,

Esou ewéi den Artikel 81 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës *urgent* parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau an un d'Madamm Ministesch fir Konsumenteschutz weiderzeleeden:

„Mir sinn duerch déi national Press gewuer ginn, datt Äppel aus Lëtzebuerg staark mat Pestizide belaascht wieren. Dat beonrouegt eis och a grad well recommandéiert ginn ass, datt Kanner ënner dräi Joer där Äppel keng méi sollen iessen.“

Aus deem Grond wollte mer der Madamm Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau an der Madamm Ministesch fir Konsumenteschutz gäeren d'urgence follgend Froe stellen:

- Deelt d'Madamm Minister dës alarmant Aussoen?
- Wat fir Pestizide sinn dem Landwirtschaftsministère an deem Kontext bekannt? Wat hunn d'Kontrolle vun der ALVA erginn?
- Wéi a wéini wëll d'Madamm Minister d'Lëtzebuerger Konsumenten avertéieren, fir datt voll Transparenz an dësen Dossier kënnt?
- Wat recommandéiert d'Madamm Minister den Uebstproduzente fir dës Belaaschtung staark ze reduzéieren? Fir wéini ass do een Austausch mat hinne virgesinn?

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten

Gusty GRAAS
Deputéierten